



N°7779
Entrée le 16.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.03.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleden.

Eisen Code de la consommation gesäit am Fall vun Clauses pénales abusives keng kloer legal Obligatioun vir. Esou si schonn Fäll viru Gericht tranchéiert ginn, wou d'Richteren Clauses abusives festgestallt hunn, d'Strof fir den Consommateur awer net annulléiert, mee nëmme reduzéiert hunn. Dëst ass laut Konsumenteschutz awer net am Sënn vum Arrêt vum 30. Mee 2013 vun der CJUE.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi huet den Konsumenteschutzministère op d'Analys vun der ULC reagéiert?
2. Ass de Ministère och der Meenung, dass d'nationalt Gesetz zu den Clauses pénales abusives net konform ass zum EU-Recht, esou wéi ausgedreckt am Avis vun der CJUE?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

